N°4197
Entrée le 05.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.06.2026
Chambre des Députés

CSV AN DER CHAMBER

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 4. Juni 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Et ass elo nees déi Zäit am Joer an där d'Gemengeréit aus den 100 Gemengen aus dem Land d'Enseignantë vun der éischter Lëscht wiele fir Schoul an de jeeweilege Gemengen ze halen.

D'Enseignantë ginn dobäi op enger Lëscht hir Prioritéiten un a wéi enger Gemeng a fir wéi ee Posten si wëlle schaffen.

Donieft ginn déi regional Schouldirektioun an natierlech och déi jeeweileg Schoulen hir Contributioun wéi eng Kandidatinnen a Kandidaten sollen am Gemengerot gestëmmt ginn. Et ass awer eng vun de Prerogativen vum Gemengerot fir d'Enseignanten ze bestëmmen.

Vu datt awer zënter ville Joren, d'Gemengen och net méi d'Léierpersonal bezuelen an eigentlech just nach fir d'Schoulgebaier zoustänneg sinn, drängt sech d'Fro ëmmer méi op, firwat d'Gemengeréit nach ëmmer d'Léierpersonal stëmme mussen. Dëse Vott bezitt sech och exklusiv fir d'Enseignanten déi op der 1. Lëscht gestëmmt ginn.

Wann e Posten deen op der 1. Lëscht net konnt besat ginn, gëtt dësen op d'2. Lëscht gesat an d'Schouldirektioun bestëmmt wien de Poste kritt.

De Regierungsprogramm 2023-2028 gesäit ënnert anerem och Diskussioune ronderëm d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëscht de Gemengen a dem Educatiounsministère vir, deen och d'Gestioun vun de Ressources humaines soll betreffen.

An deem Kontext wollte mir follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Ass de Minister der Meenung, datt d'Responsabilitéit fir d'Rekrutement vum Léierpersonal soll bei där Instanz leien, déi och d'Personal geréiert a bezilt? Falls nee, wat sinn d'Argumenter fir un der aktueller Kompetenzopdeelung festzehalen?

CSV AN DER CHAMBER

- Wou sinn d'Diskussiounen iwwer déi Ëmverdeelung vun de Kompetenzen drun? Wäert do fir d'Schouljoer 2027/2028 déi eng oder aner Ännerung kommen? Fall net, firwat ass dat esou?
- Wéi eng Positiounen hunn déi concernéiert Acteuren (Gemengen, Schouldirektiounen, Gewerkschaften a Vertrieder vum Léierpersonal) am Kader vun den Diskussiounen iwwer eng méiglech Reform ausgedréckt? Ginn et Gemengen déi sech géint eng nei Opdeelung vun de Kompetenzen am Rekrutement vum Léierpersonal wieren?
- Firwat gëtt et en Ënnerscheed am Rekrutement vum Léierpersonal op der 1. Lëscht an op der 2. Lëscht? Wier et net méi sënnvoll déi zwou Prozeduren ze harmoniséieren?
- Wéi vill Mol ass et an de leschte fënnef Joer virkomm, datt e Gemengerot net der Recommandatioun vun der regionaler Schouldirektioun oder der concernéierter Schoul gefollegt ass? Kann de Minister dës Donnéeën no Joer opgeschlësselt zur Verfügung stellen?

Här President, mir bieden Iech, onse déifste Respekt unzehuelen.

Stéphanie WEYDERT Nathalie MORGENTHALER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4197 vun den honorabelen Deputéiert Stéphanie Weydert an Nathalie Morgenthaler**

1. **Ass de Minister der Meenung, datt d'Responsabilitéit fir d'Rekrutement vum Léierpersonal soll bei där Instanz leien, déi och d'Personal geréiert a bezilt? Falls nee, wat sinn d'Argumenter fir un der aktueller Kompetenzopdeelung festzehalen?**

De Rekrutement vum Léierpersonal läit exklusiv an der Verantwortung vun den zoustännege Servicer vu mengem Ministère an dëst onofhängeg vum Statut vun den Agenten, déi nei agestallt ginn.

Bei der Reaffektatiounsprozedur am Kader vun der Lëscht 1 handelt et sech deemno net ëm ee Rekrutement, mee ëm eng Verdeelungsprozedur vum Léierpersonal, dat zu deem Zäitpunkt scho fest als Staatsbeamten agestallt ass. Wéi am Artikel 38 vum Organisatiounsgesetz duergeluecht, sinn d'Gemengen am Kontext vun der Verdeelung vum Léierpersonal ugehalen, dës um lokale Niveau am Sënn vun der Kontinuitéit an der Stabilitéit vun de pedagogeschen Equippen an ënnert der Berücksichtegung vum Plan de développement de l'établissement scolaire (PDS) ze assuréieren. D'Gemeng, laut de legalen Dispositiounen responsabel fir d'Elaboratioun vun der Schoulorganisatioun, fir de PDS a fir déi lokal Repartitioun vum Léierpersonal, ass deemno gutt positionéiert, fir bei der Selektioun vum Léierpersonal matzewierken.

Eng zentraliséiert Verdeelung mécht et méi schwieregder Integralitéit vun de Facteuren Rechnung ze droen, déi duerch eng Selektioun duerch déi lokal Autoritéiten am Verdeelungsprozess mat afléissen.

2. **Wou sinn d'Diskussiounen iwwer déi Ëmverdeelung vun de Kompetenzen drun? Wäert do fir d'Schouljoer 2027/2028 déi eng oder aner Ännerung kommen? Fall net, firwat ass dat esou?**
3. **Wéi eng Positiounen hunn déi concernéiert Acteuren (Gemengen, Schouldirektiounen, Gewerkschaften a Vertrieder vum Léierpersonal) am Kader vun den Diskussiounen iwwer eng méiglech Reform ausgedréckt? Ginn et Gemengen déi sech géint eng nei Opdeelung vun de Kompetenzen am Rekrutement vum Léierpersonal wieren?**

Eng Reprise vum gesamten Affektatiounsoflaf duerch mäi Ministère géif eng nei Verdeelung vun de Kompetenzen tëscht dem Staat an de Gemenge mat sech bréngen. De Regierungsprogramm 2023-2028 gesäit ënner anerem Diskussiounen iwwer d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëscht de Gemengen a mengem Ministère vir. An dësem Zesummenhang gëtt och d'Gestioun vun de Ressources humaines ausdrécklech ernimmt. Virun dësem Hannergrond wäerte weider Gespréicher mam Syvicol gefouert ginn; an der Vergaangenheet konnt an deem Kader allerdéngs keng Eenegung fonnt ginn.

4. **Firwat gëtt et en Ënnerscheed am Rekrutement vum Léierpersonal op der 1. Lëscht an op der 2. Lëscht? Wier et net méi sënnvoll déi zwou Prozeduren ze harmoniséieren?**

Am Kader vun der Lëscht 1 handelt et sech wéi erkläert ëm eng reng Verdeelung vun de Staatsbeamten, déi zu deem Zäitpunkt fest fir de Staat schaffen. Et mécht deemno Sënn, déi lokal Autoritéiten, am Bezuch op d'Selektioun vun de Kandidaten ze responsabiliséieren, vu datt iwwert dee Wee der Kontinuitéit a Stabilitéit vun de pedagogeschen Equippe ka Rechnung gedroe ginn.

Am Kader vun der Lëscht 2 ginn an enger éischter Etapp d'Stagiaires-fonctionnaires verdeelt, déi sech am Concours, deen den Accès an d'Karriär vum Fonctionnaire-stagiaire reegelt, en rang utile klasséiert hunn an déi fir déi kommend Rentrée nei agestallt ginn. Als Krittär fir d'Verdeelung gëtt de Klassement am Concours consideréiert. Vu datt et sech zum groussen Deel ëm Beruffsufänger handelt, ass déi pedagogesch Kontinuitéit anescht wei am Kader vun der Lëscht 1 kee Krittär, deen sech géif applizéiere loossen.

An enger weiderer Etapp ginn duerno d'Employéen verdeelt, déi, falls nach Posten um Gemengenniveau disponibel sinn, fir esou ee Poste kenne briguéieren oder fir eng Reaffektatioun als Remplaçant permanent optéieren. D'Chargés-de-coursë ginn an dëser Etappe engem Klassement no verdeelt, am Kader vun deem hir Ausbildung, hir Déngschtjoren an hiren Alter consideréiert ginn.

Mat Bléck op déi ënnerschiddlech Profiller vun den Agenten, déi un de verschiddenen Etappe vun der Affektatiounsprozedur deelhuelen, schéngt eng Harmoniséierung vun de Prozedure wéineg sënnvoll.

5. **Wéi vill Mol ass et an de leschte fënnef Joer virkomm, datt e Gemengerot net der Recommandatioun vun der regionaler Schouldirektioun oder der concernéierter Schoul gefollegt ass? Kann de Minister dës Donnéeën no Joer opgeschlësselt zur Verfügung stellen?**

Déi legal a reglementaresch Dispositioune gesinn d'Prise en compte vun enger eventueller Recommandatioun vun engem Kandidat duerch eng Regionaldirektioun oder eng concernéiert Schoul am Bezuch op d'Selektioun vum Léierpersonal am Kader vun der Lëscht 1 net vir an entspriechend stinn an deem Kontext keng Donnéeën zur Verfügung.

Lëtzebuerg, de 7. Juli 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH